N°3253
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3253 vum 26. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

1. **Ass d'Approche vum däitsche Legislateur gläichzesetzen mat deem, wat bei eis am Code pénal festgehalen ass?**

Fir op d'Fro ze äntweren, ass et néideg, den däitsche Kontext ze erklären, deen zum Gesetzesprojet gefouert huet. An Däitschland huet de Gebrauch vu sougenannte K.O.-Drëpsen virun enger sexueller Stroftdot eng circonstance aggravante duergestallt. Geméiss § 177 Absatz 8 Nummer 1 vum Strafgesetzbuches (StGB) konnt d'Prisongsstrof deemno net méi kleng wéi fënnef Joer sinn.

Allerdéngs huet de Bundesgerichtshof 2024 entscheet, datt K.O.-Drëpsen net ënner d'Bezeechnung vun engem „gefährlichen Werkzeug" falen, wéi se an der uewe genannter Dispositioun virgesinn ass. Als Konsequenz kann déi aggravéiert sexuell Strofdot net méi zeréckbehalen ginn, wann den Täter KO-Drëpsen agesat huet. Déi minimal Strof läit elo bei dräi Joer Prisong an net méi bei fënnef Joer Prisong.

Fir dës Situatioun nees ze verbesseren, huet de Bundesministerium vun der Justiz e Gesetzesprojet deposéiert, deen zum Zil huet, den § 177 Absatz 8 Nummer 1 mat de Wierder „oder Mittel" ze ergänzen, fir dass d'Asetze vu K.O.-Drëpsen nees mat enger minimaler Strof vu fënnef Joer Prisong ka bestrooft ginn.

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°1823 erkläert, kann d'chemesch Ënnerwerfung zu Lëtzebuerg u sech als Infraktioun ënnert d'Artikele 402 bis 405 vum Code pénal falen: "De Code pénal bestrooft an den Artikele 402 bis 405 awer d'Administratioun vu Substanzen, déi d'Gesondheet schwéier beaflosse kënnen, wourënner d'chemesch Ënnerwerfung och ka falen. Sou hu weider Iwwerpréiwungen erginn, datt déi betraffe Procès-verbaux tatsächlech Plainte vun Affer betreffen, déi sech beschwéieren, datt hinnen eppes onbewosst an hiert Gedrénks geschott gouf ("K.O.-Tropfen")." Aktuell ass d'chemesch Ënnerwerfung zu Lëtzebuerg awer keng Circonstance aggravante vum Viol.

2. **Wier déi däitsch Approche zu Lëtzebuerg ëmsetzbar a falls jo, wäert d'Regierung dës an eisem Code pénal aféieren?**
3. **Wäerten d'Strofen fir den Asaz vun K.O.-Drëpsen méi streng ginn?**

Wichteg ass am Kontext vun der Bestrofung fir d'éischt emol ervirzestäichen, dass Lëtzebuerg, och ouni dës Circonstance aggravante, mat enger Strof vu fënnef bis zéng Joer Prisong, lo schonn

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

déi selwecht minimal Prisongsstrof virgesäit fir eng Vergewaltegung wéi Däitschland mat dëser Circonstance aggravante.

Et gëtt am Justizministère am Moment zousätzlech awer un engem Projet de loi geschafft, deen e.a. och virgesäit, de Gebrauch vu K.O.-Drëpsen als Circonstance aggravante vu Viol a sexuellen Aggressiounen och zu Lëtzebuerg am Code pénal anzeféieren.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue